PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n°7127 hunn ech mech iwwert d'Verspéidunge bei den Zich vum CLF informéiert. De Mobilitéitsminister huet mir heirop eng ganz Réi Informatioune geliwwert. Et wier awer och intressant aner Statistike vum CFL ze kennen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et méiglech datt de CFL seng Date vun den Zich (fir all Faart, Arrivée, Départ, pro Gare, pro Zuch) als oppen Datebank (z.B.: data.public.lu) zur Verfügung stellt a permanent aktualiséiert?

2. Wier dëst och fir d'Busréseauxe RGTR an TICE méiglech?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten